Info Service aktuell

Gemeng Käerjeng

29, rue de la Résistance | Boîte postale 50 | L-4942 Bascharage
Central téléphonique 500 552-1 | Mail info@kaerjeng.lu



# Formatioun fir de Brevet vum Animateur A

D'Gemeng Käerjeng organiséiert am Kader vun hire Vakanzenaktivitéiten déi 9. Formatioun fir den offizielle Brevet vum Animateur A. Dëse Brevet gëtt ausgestallt vum Minister fir Schoulwiesen, Kanner a Jugend.

Dës Formatioun riicht sech un Leit, déi am Jugendberäich täteg sinn, déi gären als Animateur „A" fir den Encadrement vu Kanner während Summer- a Vakanzaktivitéiten (Dagesaktivitéiten ouni Iwwernuechtung) schaffen am Kader vun der non-formaler Bildung.

D'Formatioun beinhalt en theoreteschen Deel wéi och e prakteschen Deel. Hei kriss du en éischten Abléck iwwert de soziale Secteur am Land, déi non-formal Bildung an d'Organisatioun vun de Vakanz- a Fräizäitsaktivitéiten an eiser Gemeng.

Méi Informatiounen fënns de um Internet-site:
www.snj.lu an www.enfancejeunesse.lu

## DATUM

Vum 2. bis de 5. November 2026 (Allerhelljevakanz) am Kéinziger Festsall vun 08.00 bis 17.00 Auer.

## BEDEELEGUNG UN DE KÄSCHTEN

De Präis ass 35 € (Mëttegiessen fir déi 4 Deeg vun 8.00 bis 17.00 Auer)

## WOU KANN ECH MECH MELLEN?

Bass du interesséiert, da fëll d'Aschreiwung per QR-Code bis spéitstens den 28. September 2026 aus.

Wann's du nach Froen hues, ruff eis un
um Telefon 500 552 651/657
julia.maquet@kaerjeng.lu

*Ech melle mech un*

brain&more